

# Méisproochegkeet liewen

## Kanner begleeden!

Ech ginn op Aenhéicht vun de Kanner.

Ech huele mir bewosst Zäit fir de Kanner Erklärungen ze ginn.

Ech bidden de Kanner d'Méiglechkeet, sech an hire(r) Sprooch(en) auszudrécken.

Ech huele mir bewosst Zäit a schwätze lues an däitlech mam Kand.

Ech sichen de Bléckkontakt mam Kand.

Ech suerge fir eng angeneem Atmosphär fir d'Kanner a fir mech.

Ech bannen d'Kanner aktiv an d'Erzielung vun der Geschicht mat an.

Ech lauschteren de Kanner opmierksam an interesséiert no.

Ech loosse Gespréicher iwwer Dësch bewosst zou, sou dass d'Kanner sech sproochlech ausdrécke kënnen.

Ech sinn oppe fir de Kanner hir Erzielungen an erméiglechen hinnen e spilleresche Kontakt mat de Sproochen.

Ech gräifen de Kanner hir Erzielungen, Erliednesser an Emotiounen op a bedeelege mech un hiren Theemen.

Ech stärke d'Kanner am Gebrauch vun hire(r) Sprooch(en).

Ech ginn op Aenhéicht vun de Kanner.

Ech dauche mat hinnen an hir Fantasiewelt an.

Ech begleeden d'Kanner ouni se ze veronsécheren.

Ech sinn e méisproochegt Virbild fir d'Kanner.

Ech observéieren an dokumentéieren wéi eng Sprooch(en) dem eenzele Kand zu deem Zäitpunkt wichteg sinn.

Ech notze meng Familljesprooch fir de Kanner en authentesch Sproocherliefnes ze erméiglechen.

Ech schwätze lues an däitlech a bannen de Kanner hir Iddie mat an.

## Pedagogesch Haltung

Handelt bewosst. Huel lech Zäit fir mat de Kanner an d'Gespréich ze kommen. Gitt de Kanner an ënnerschiddleche Situatiounen d'Méiglechkeet sech ouni Angscht an unbeschwiert méisproocheg auszuprobéieren. Begéint de Kanner dobäi op Aenhéicht, weist Interesse un hiren Themen an evitéiert d'Kanner mat onbeäntwertete Froen zeréckzeloossen.

Duerch Är oppen Haltung géigeniwwer Sproochen ënnerstëtzt Dir d'Kanner an hirem sproochlechen Entwécklungsprozess.

Ech loossen d'Kanner och an hire Familljesprooch schwätzen.

Ech sinn oppe géintiwuer alle Sproochen.

Ech loosse mir eppes erklären, wann ech eppes net verstinn.

Ech zwénge kee Kand matzemaachen.

Ech benotze bewosst déi lëtzebuergesch an déi franséisch Sprooch.

Ech erzielen an där Sprooch, déi grad am Virdergrond steet.

Ech observéieren d'Sprooch vum de Kanner.

Ech stärke d'Kanner an hiren Erzielungen a ginn hinne virun allem d'Gefill verstanen ze ginn.

Ech leeë Wäert op en natierleche Kontakt mat de Sproochen.

Ech notzen d'Aktivitéiten fir d'Kanner souwuel mat der lëtzebuergescher an der franséischer Sprooch a Kontakt ze bréngen.

Ech drécke mech souwuel op Lëtzebuergesch wéi och op Franséisch aus an, wann néideg a méiglech, an de Kanner hire Familljesproochen.

Ech loossen d'Kanner sech an där Sprooch ausdrécken an där si wëllen.

no enger Iddi vun